**<u>Gemeng Rammerich</u>**

# Gemengerotssëtzung vum 16. Dezember 2021

## Dagesuerdnung:

1.) Deliberatioun iwwert d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

2.) Deliberatioun iwwer d'Reklasséierung vun ëffentlecher Gemengeproprietéit a privat Gemengeproprietéit vun 11 Parzellen zu BILSCHDREF an der Rue abbé Neuens / Riesenhafferwee.

3.) Deliberatioun iwwert d'Schlussofrechnung vum Reamenagementsprojet vum Bëschwee "Huuscht" um RIESENHAFF.

4.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.

5.) Deliberatioun iwwert d'Bestëmme vun engem Vertrieder an engem Ersatzvertrieder vun der Gemeng Rammerich am Comite vum Waasserschutz vum Uewersauer-Stauséi.

6.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vum rektifizéierte Budget 2021 a vum Budgetsprojet 2022 vum Sozialbüro OS-CARE.

7.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem kommerzielle Loyerskontrakt.

8.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem Zousaz zu der Konventioun mat HAUS-CaRe.

9.) Rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2021.

10.) Budgetsprojet vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022.

11.) Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: Michelle Brickler (DP)

Redakter: Conny Wantz, Chantal Rasqué

## Rapport vun der Sëtzung:

Virun der Sëtzung begréisst de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) d'Membere vum Gemengerot an entschëllegt d'Conseillère Michelle Brickler an de Sekretär Marc Pletgen wéinst Krankheet a wënscht hinnen eng gutt Besserung. Hie weist drop hin, datt zwee Punkte vum Schäfferot wéinst dringende Verkéiersreglementer an ee Punkt wéinst enger Motioun vun der LSAP missten op d'Dagesuerdnung derbäigesaat ginn. De Gemengerot ass eestëmmeg domat averstanen.

Hien erënnert drun, datt déi nächst Sëtzunge vum Gemengerot den 3. Februar 2022 an de 16. Mäerz 2022 sinn, an datt de 15. Januar 2022 eng Aarbechtssëtzung e.a. wéinst dem Bëschkierfecht ass mat Rendezvous um 10 Auer an der Gemeng. D'Neijoschrezeptioun ass fir den 28. Januar 2022 virgesinn.

# 1 Deliberatioun iwwert d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

Zu dësem Punkt, deen automatesch op d'Dagesuerdnung gesat gëtt, leit de Moment näischt vir.

# 2 Deliberatioun iwwer d'Reklasséierung vun ëffentlecher Gemengeproprietéit a privat Gemengeproprietéit vun 11 Parzellen zu BILSCHDRËF an der Rue abbé Neuens / Riesenhafferwee.

Heibäi geet et em eelef Parzelle mat enger Gesamtfläch vu ronn 7,46 Ar, déi an der Rue Abbé Neuens resp. am Riesenhafferwee tëschent dem Trottoir a privaten Terrainen leien. Duerfir sollen dës Parzellen ëmklasséiert ginn, aus der ëffentlecher Gemengeproprietéit an eng privat Gemengeproprietéit, fir esou d'Méiglechkeet ze hunn, des Terrainen ze verkafen.

D'Ëmklasséierung gëtt vun allen ugeholl.

# 3 Deliberatioun iwwert d'Schlussofrechnung vum Reamenagementsprojet vum Bëschwee "Huuscht" um RIESENHAFF.

D'Schlussofrechnung vum Reamenagementsprojet vum Bëschwee Huuscht mat engem Total vun 94.399,11 €, dovun 17% oder 13.716,11 € TVA gëtt eestëmmeg ugeholl. Et handelt sech dobäi ëm e Projet aus dem Joer 2018 vun deem elo den Decompte virläit an zu dem e Subsid vun 80% virgesinn ass. Den Devis hat 100.620 € virgesinn.

# 4 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.

Verschidden notariell Akte ginn eestëmmeg ugeholl. Et handelt sech dobäi ëm een Akt mat deem den Här an d'Madamm Stevanovic der Gemeng en Terrain vun 0,54 Ar an der Rue des Jardins zu Foulscht iwwerloossen an duerfir vun der Gemeng en Terrain vun 0,94 Ar, och an der Rue des Jardins zu Foulscht, an d'Plaz kréien.

Mat engem weideren Akt cedéiert den Här Guy Rausch der Gemeng Rammerich en Terrain vun 0,2 Ar an der Rue de la Montagne zu Hueschtert fir eng Zomm vun 100 €.

E weideren notariellen Akt betrëfft eng Gratis-Cessioun bei där d'Entreprise Tragelux der Gemeng Rammerich eng Parzell vun 27,49 Ar an der Industriezon Flatzbour zum ëffentlechen Notzen iwwerléisst.

D'Entreprise Sonntag Immobilien iwwerléisst der Gemeng Rammerich gratis en Terrain vun 5,63 Ar "Im Hierchen" zu Wolwen zum ëffentlechen Notzen.

Ëm eng weider Gratis-Cessioun geet et an engem Akt tëscht den Dammen Andrée Franquet a Françoise Blees an dem Här Michel Waty, déi der Gemeng Rammerich gratis en Terrain vun 1,58 Ar an der Rue Belle-Vue op der Roumicht iwwerloossen.

Bei enger weiderer Gratis-Cessioun iwwerléisst d'Madamm Catherine Mertz der Gemeng Rammerich gratis zwou Plazen vun 0,47 Ar a vun 1,60 Ar op der Neiwiss zu Hueschtert.

Mat engem Akt iwwer eng Servitude erlaabt d'Gemeng Rammerich der Societéit CREOS, datt si op engem Gemengenterrain an der Rue de Martelange zu Kietscht dierf ënnerirdisch Kabele verléen an zu all Moment fir Ënnerhalts-oder Reparaturaarbechten Accès op deen Terrain huet.

Bei engem Verkafsakt geet et ëm en Terrain Akerland vun 53,65 Ar "auf der Klenk" zu Ueschdrëf, den d'Gemeng Rammerich fir 10.730 € keeft.

# 5 Deliberatioun iwwert d'Bestëmme vun engem Vertrieder an engem Ersatzvertrieder vun der Gemeng Rammerich am Comité vum Waasserschutz vum Uewersauer-Stauséi.

Fir d'Bestëmme vun engem Vertrieder an engem Ersatzvertrieder vun der Gemeng Rammerich am Comité vum Waasserschutz vum Uewersauer-Stauséi louchen zwou Kandidaturen vir. A geheimer Ofstëmmung ass de Scheffe Mike BOLMER als Vertrieder an de Buergermeeschter Tony RODESCH als Ersatzvertrieder bestëmmt ginn.

## 6 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vum rektifizéierten Budget 2021 a vum Budgetsprojet 2022 vum Sozialbüro OS-CARE.

De rektifizéierte Budget vum Sozialbüro fir 2021 weist am uerdentlechen Deel Recetten an Depensen vun all Kéier 2.110.454,11 € aus an iwwerdréit e Boni vun 16.554,96 € aus dem Joer 2020.

Fir 2022 sinn am Ordinär Einnamen an Ausgaben vun 2.235.210,32 € virgesinn. Och hei gëtt e Boni vum viregten Exercie vun 16.554,96€ iwwerholl.

Am extraordinären Deel schléisst 2021 mat engem Boni vun 446.742,22 € of a gesäit fir 2022 hei e Boni vun 449.887,38 € vir.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wëll wëssen, wéi vill Leit heivu profitéieren, well et interessant wier ze wëssen, wou d'Problemer leien.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) huet hei och keng weider Informatiounen, mee geet an dem Kontext op d'Responsabilitéit vun der Spuerkeess an, déi als staatleche Betrib och d'Leit berode misst, an sou eng Iwwerschëldung verhënnere kéint, amplaz hir Guicheten ofzebauen.

De rektifizéierte Budget 2021 an de Budgetsprojet 2022 ginn eestëmmeg ugeholl.

## 7 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem kommerzielle Loyerskontrakt.

E Loyerskontrakt mam Gauthier Mathieu, Dieteticien-nutritionniste iwwer e Büro vun 17,89 $m^2$ am Centre médical am ale Paschtoueschhaus zu Rammerich fir e Loyer vun 350 € de Mount gëtt eestëmmeg ugeholl.

De Buergermeeschter weist drop hin, datt och en Ergotherapeut un engem Lokal interesséiert ass, sou datt et da schons dräi Persoune wieren, déi hei schaffe géifen.

## 8 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem Zousaz zu der Konventioun mat HAUS-CaRe.

En Zousaz zu der Konventioun mam Haus-CaRe vum interkommunale Syndikat "De Réidener Kanton" leet d'Dauer vun der Konventioun fir weider zwee Joer fest, ugefaangen den 1. Februar 2022 bis den 31. Januar 2024. All aner Klausele vun der Konventioun vum 1. Februar 2018 bleiwen onverännert.

Dësen Zousaz gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 9 Rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2021.

Virun der Diskussioun vum rektifizéierte Budget 2021 an dem Budgetsprojet 2022 mécht de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) eng kuerz Analys vun den Zuelen.

Hie weist drop hin, datt d'läscht Joer en Emprunt virgesinn war, deen awer net geholl ginn ass, mee datt viraussiichtlech bis Enn 2022 en Emprunt, dee mat 10 Mio. € am Budget steet, muss geholl ginn, woubäi Pro-Kapp-Verschëldung an der Gemeng bei 4.312 € läit.

Bei den Zuelen erënnert hien drun, datt e Budget nëmmen eng Estimatioun ass, datt aktuell d'Präisser explodéieren an d'Akommes vun der Gemeng sech vis-à-vis vun de Joren virdrun nëmme liicht verbessert. Trotzdem bleift am ordinäre Budget en Iwwerschoss vun 4 Mio. €.

Hien erënnert drun, datt hien viru 16 Joer mat engem Defizit vun 82 Mio. Frang ugefaangen huet, a mat ordinäre Recetten vu 60 Mio. Frang eng Schoul fir 120 Mio. Frang geplangt huet, sou datt een elo mat engem Iwwerschoss vun 4 Mio. € net sollt pessimistesch sinn.

Hie weist op déi geplangten Investitiounen vun 14 Mio. € hin, vun deenen allerdéngs 2,5 Mio. € nëmmen als Transfert vum Altersheem drastinn. Och sinn d'Zuelen am Budget nach eng Kéier liicht geännert ginn, well verschidde Recetten am Extraordinär vun 2021 derbäi komm sinn, déi duerfir awer 2022 ewechfalen, sou datt sech um Gesamtresultat net vill ännert.

Hie weist dann op d'kompliziéiert Berechnunge vun den Onkäschte fir d'Maison relais hin, erënnert un déi héich Depense fir d'Kläranlag, déi awer viraussiichtlech fir 2022 fäerdeg ginn.

Weider geet de Buergermeeschter op verschidde Projete fir 2022 an, erkläert, firwat de Projet vum Camping Houltz zréckgestallt ginn ass, wat an deenen eenzelen Uertschafte geplangt ass, e.a. um Waasser an um Kanal an der Rue du Moulin zu Pärel, grad ewéi och zu Houltz, zu Hueschtert gëtt de Belag an d'Trottoiren an der Rue de Lannen erneiert, de Pompjeesbau gëtt fäerdeg gemaach grad ewéi den Ëmbau am Festsall vun der Schoul. Um Fussballterrain ass en Deel Aarbechte virgesinn, et si Sue virgesi fir Terrainen ze kafen, grad esou wéi fir de Bëschkierfecht an de Wee zu Éischt. Och d'Finanzmëttele fir de Wandpark si virgesinn, obschonns nach net gewosst ass, ob dee Projet ka realiséiert ginn. Donieft muss een Deel vum Fuerpark vun der Gemeng ersat ginn grad ewéi eng ganz Rei méi kleng Aarbechten.

An Zuele presentéiert de Budget sech dann esou:

De rektifizéierte Budget vun 2021 schléisst am ordinäre Beräich bei Recette vun 22.296.361,08 € an Ausgabe vun 16.815.823,43 € mat engem Iwwerschoss vun 5.480.537,65 € of.

Am ausseruerdentleche Budget stinn Einname vun 1.332.638,76 € (woubäi den Emprunt vun 8 Mio. € net gezu ginn ass) bei Depensen vun 9.298.744,87 €, wat en Defizit vun 7.956.106,11 € ausmécht. Zesumme

mam Mali aus dem läschte Joer vun 3.045.720,54 € ergëtt sech e Gesamtdefizit am Investitiounsbudget vun 11.011.826,65 €.

Nodeems deen Defizit mam Boni aus dem Ordinär verrechent ginn ass, bleift fir d'Joer 2021 e Mali vun 5.531.289,00 €.

## 10 Budgetsprojet vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022.

Fir den Exerziss 2022 gesäit de Budgetsprojet am ordinäre Beräich Recette vun 23.172.908,95 € fir, bei Depense vun 19.229.966,60 €, sou datt en Iwwerschoss vun 3.942.942,35 € bleift.

Den ausseruerdentleche Service geet vu Recette vun 16.316.738,79 € aus, dat mat engem Emprunt vun 10 Mio. €, bei Depensen vun 14.421.700,10 €, wat e Benefice vun 1.895.038,69 € ausmécht, déi vum Defizit vun 5.531.289,00 € aus dem Joer virdrun ofgezu ginn, sou datt en Defizit vun 3.636.250,31 € am extraordinäre Budget bleift.

Zitt een dësen Defizit vum Iwwerschoss aus dem ordinäre Budget of, da bleift zum Enn vum Joer 2022 e viraussiichtleche Boni vun 306.692,04 €.

Bei der Diskussioun vum Budget geet de Conseiller Romain Rausch (DP) ënner anerem drop an, datt hien d'Subsiden fir ökologesch Renovéierunge vermësst, hien ass entsat iwwer de Verbrauch vu méi wéi 400.000 Liter Masutt fir d'Gemengegebaier, déi onbedéngt missten renovéiert ginn a proposéiert, fir e Sanéierungskonzept opzestellen. Hien ass verwonnert iwwert Ausgabe vu 85.000 € fir den Tourismus, mat deenen ee vill Bëschweeër fir ze Spadséiere kéint an d'Rei setzen, hien erënnert un d'Fussballveräiner, begréisst, datt nei Gefierer fir d'Gemeng geplangt sinn, mee schléit fir, déi no 5 bis 6 Joer ze verkafen an neier ze kafen, wat am Endeffekt méi gënschteg wier. Hien ass der Meenung, et géif vill Geld investéiert, mee wann een näischt géif investéieren, géif een och näischt fir d'Bierger maachen. Duerfir wëll d'DP dëse Budget mat stëmmen.

De Buergermeeschter gëtt him Recht, wat den héije Masuttverbrauch ugeet, an et sollt een e Relevé maachen, wat déi läscht Joren an de Gemengegebaier investéiert ginn ass, a wat nach ze maachen ass. Wat déi 85.000 € ugeet, mengt hien, dëst wier e Maximalbetrag an deem de Bëschkierfecht mat dra wier. Hei géif jo de Gemengerot nach gefrot, an et kéint och sinn, datt et nëmmen 35.000 € wieren.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) notéiert datt den Impakt vun der Kris gutt ofgefiedert ginn ass, och am Budget vun der Gemeng. Wat den Emprunt ugeet, sou stellt si fest, datt d'Verschëldung nach ënnert den 10% vum ordinäre Budget leit, dee vum Ministère als ënnescht Limitt festgehale ginn ass.

Si geet op verschidde Projeten an, déi realiséiert gi sinn oder an der Planung sinn, mee weist awer och op eng Rei vu Budgetsläichen hinn, déi vu Joer zu Joer verréckelt ginn. Hei nennt si e.a. de Bau vun enger neier Buvette fir de Fussballclub vu Pärel, den Amenagement vum Camping, deen 2015 fir

d'éischt opgefouert ginn ass, an ëmmer nees als Transfert budgétaire genotzt ginn ass. Si bedauert, datt hei am Sënn vum Tourismus de politesche Wëlle feelt, fir dee Projet duerchzezéien. Dat selwecht mengt si vum Centre culturel Pärel, wou zanter 2013 wuel klenger Aarbechten gemaach ginn, mee keng gréisser Renovéierungen, woubäi déi elo fir gréisser Feierlechkeeten, déi virgesi sinn, op 2024 verluecht gi sinn. Si gëtt zou, datt zënter 2016 an nach bis 2022 vill Suen an de Bau vun de Kläranlage fléissen, déi awer néideg sinn.

Beim Thema Ëmwelt weist si op Käschte vun 85.000 € fir d'ëffentlech Beliichtung hin, an trotz Subside vum Staat wier näischt am Budget virgesinn, fir dës op LED-Luuchten ëmzestellen. Och wier näischt virgesinn, fir Luetstatiounen fir Elektroautoen opzeriichten.

Och wier mat 50.000 € am Budget 2022 net genuch virgesinn fir e sozial an subventionéierte Logement deen der LSAP ganz wichteg wier, a fir deen ee beim Staat Bäihëllefe kritt hätt, a si freet, op de Schäfferot hei beim Ministère nogefrot hätt, well hirer Meenung no dëse Punkt sech schonn iwwer zwou Budgetperioden hätt missten erstrecken an hätt missten eng Prioritéit fir de Schäfferot sinn.

Weider geet si op d'Verflichtung fir d'Gemeng an, fir d'Leekollen als Monument national klasséieren ze loossen, a si freet, firwat hei nach kee Plang mat Sites et Monuments ausgeschafft ginn ass, virun allem, well de Schifer jo an der Gemeng souweit ënnerstëtzt a promouvéiert gëtt.

Dann ass de Verkaf vum Haus Schaack zu Kietscht an de Kaf vum Haus Scheeck zu Rammerich am Budget virgesinn, woubäi si de Kaf vum Haus Scheeck schonns 2017 proposéiert haten, an de Präis deemools vill méi niddreg war. Si hofft allerdéngs, datt elo séier eppes geschitt, well déi Haiser schonns méi laang eidel stinn.

Weider freet si Erklärungen zu engem neie Budgetsposten iwwer d'Botze vun de Poubellen.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) ass doriwwer eraus erstaunt driwwer, datt d'Ausgaben fir ëffentlech Fester sech bal verdräifacht hunn, wärend näischt u Subventioune fir Wärmepompelen oder den Energiepass virgesinn ass.

Bei der Maison relais versteet hien, datt d'Gemeng hei 25% derbäi leet. Mee wann d'Recetten em 300.000 € klammen an d'Käschten fir d'Sous-Traitance iwwer eng Milliioun kommen, wëll hien zousätzlech Informatiounen, wou déi hierkommen.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt de Bedreiwer vun der Maison relais Arcus eng a.s.b.l. ass, déi net gewënnorientéiert ass, mee hir geleeschten Déngschter berechnen, déi awer eréischt no enger éischter Ofrechnung virleien. Duerno kéint een eréischt genee ausrechnen, wat d'Léin sinn a war se fir hir Déngschtleeschtung rechnen. Donieft ass eng Fachbegleedung virgesi wa Problemer optauchen, mee et weess en net genee, wéi dacks déi gefrot ginn. Dann ass och nach en Deel Formatioun abegraff, sou datt ee keng

genee Käschte virleeë kann, wat awer geschitt, soubal déi éischt Ofrechnung virleit.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) informéiert, datt de Service vum Botze vun de Poubellen dräimol d'Joer elo mol vir ee Joer virgesinn ass, an datt een da weider kuckt. Et wier dëst en Déngscht un de Bierger, déi och nach genee heizou informéiert géife ginn.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) Weist drop hin, datt den Akt wéinst dem Haus Scheeck sech verspéit hätt, well deen Akt mat deem vum Altersheem zesummenhänkt, a sech wéinst engem Stierffall verzögert hätt. E soll elo awer Enn Januar ënnerschriwwe ginn.

Bei de Leekollen op der Roumicht sollt e grenziwwergräifende Projet entstoen, deen awer net zréckbehale gouf, woufir de Buergermeeschter sech beim Sites et Monuments renseignéiere wëll.

Zum soziale Wunnengsbau wollt een net iwwer e bestëmmte Montant erausgoen, well déi finanziell Mëttelen um Enn waren. Och misst een nach eng Kéier Récksprooch mat Logementsministère hale wéinst der Situatioun wann elo méi Wunnenge bei gréissere Projeten un d'Gemengen ofgetruede musse ginn.

Zur LED-Beliichtung deelt hie mat, datt iwwerall do, wou nei Luuchten hikommen, LED-Luuchte geholl ginn. Beim Centre culturel zu Pärel gëtt d'Fassad, d'Trap a klenger Aarbechte gemaach. Beim Camping zu Houltz leit et um Waasserwirtschaftsamt an net un der Gemeng. Zur Finanzlag no der Covid-Kris mengt den Antoine Rodesch, d'Gemengen hätten dat gutt gepackt, well se reagéiert hätten, mee bei den Einname wiere se elo um Niveau vun 2020, wärend d'Ausgabe geklomme wieren, an hie géif hoffen, datt se net op eemol explodéieren, well d'Experten eng Inflatioun viraussoen.

D'Gemeng hätt an deene 16 Joren, an deenen hien am Amt ass, eng 150 Mio. € investéiert, a wann elo bei de Kläranlagen, déi 30 Mio. € kascht hunn, an eng Liewensdauer vu 50 bis 60 Joer huet, 20 Joer op d'Schold misst zréckbezuelt ginn, dann ass domat och eppes fir déi nächst Generatioune gemaach ginn. Et misst een och bedenken, datt si deemools mat 7 Mio. € Schold ugefaangen hätten, an sou laang nach 5 Mio. € Iwwerschoss am uerdentleche Budget sinn, sollt ee sech keng all ze grouss Suerge maachen.

Weider weist hien op verschidde gréisser Ausgaben hin, déi an den nächste Joren op d'Gemeng duerkommen, déi awer mat de staatleche Bäihëllefen ze packe wieren.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) ass der Meenung, d'Recetten am ordinäre Budget wieren net d'selwecht bliwwen, mee wire méi héich wéi 2020, doriwwer eraus wëll hie wëssen, wéi et mat der Konventioun iwwer d'Kierche wir. Hei seet him de Buergermeeschter, datt nach keng Decisioun gefall wir.

Beim Vott vum rektifizéierte Budget 2021 stëmmen d'LSAP-Conseilleren Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller dergéint, déi aner Conseilleren derfir.

Och beim Vott vum Budgetsprojet 2022 stëmmen d'LSAP-Conseilleren Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller dergéint, déi aner Conseilleren derfir.

## 11 Deliberatioun iwwer en neit Verkéiersreglement zu Houltz

Wéinst Kanalaarbechten gëtt d'Verkéiersreglement zu Houltz vum 31. Januar 2022 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten entspriechend geännert.

Domat sinn all Conseilleren d'accord.

## 12 Geneemegung vun engem dréngenden zäitleche Verkéiersreglement zu Hueschtert

En dréngend an zäitlech begrenzten Verkéiersreglement an der Rue de Folschette an an der Rue des Romains, dat nach bis den 17. Dezember dauert, gëtt confirméiert.

## 13 Schrëftlech Motioun vun der LSAP-Fraktioun

D'LSAP-Fraktioun wëll am Kader vun der Covid-Situatioun wëssen, wéi et mat der direkter Installatioun vu Loftfilteren oder entspriechende Ventilatiounsequipementer an de Gebaier vun der Zentralschoul steet, virun allem op deene Plazen, wou d'Kanner all Dag méi no a méi laang beienee si wéi an de Klassesäll, an der Crèche, an der Maison relais an an der Kantin.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch seet, datt am neien Deel mat der Maison Relais eng zentral Ventilatioun besteet, déi d'Loft zwee bis dräimol den Dag auswiesselt, an datt an dem alen Deel 23 Säll net ventiléiert sinn.

Déi dezentral Anlagen hu virun enger Zäit 4.300 € kascht, sinn awer méi deier ginn, an ausserdeem dauert et iwwer e Joer bis déi geliwwert ginn, sou datt imminent hei näischt ze maache wier. Duerfir misst ee beim aktuelle System bleiwen, oder iwwer eng zentral Anlag fueren.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) mengt, d'Berechnung vun der aktueller Anlag wier deemools sécher net no haitege Critère gemaach ginn, mee wa méi staark gefiltert géif ginn, da wier och den Energieopwand méi héich. Imminent wier sécher näischt machbar, mee et wier och eng Investitioun fir spéider, well och vill Kanner mat Allergien geplot wieren. Duerfir sollt een en Expert domat beoptragen, an dat bei allen neie Gebaier virgesinn, virun allem och bei der Kantin.

De Buergermeeschter weist drop hinn, datt dës Technik haut souwisou bei neie Gebaier virgeschriwwen ass a mengt, et wier kee Problem, sech hei ze informéieren, war an deem Beräich méiglech ass.

Domatt ass de Gemengerot eestëmmeg d'accord.

## 14 Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.

D'LSAP-Fraktioun wëll wëssen, ob no den Aarbechten fir d'Uewerflächewaasser am Neimillewee zu Bilschdref opzefänken dëse Kanal elo bis an d'Baach verlängert gëtt an den Niveau vum Belag esou ugepasst gëtt, datt e manner Gefäll huet.

Hei weist de Buergermeeschter drop hin, datt dat Waasser muss iwwer e Privatwee ofgeleet ginn, woufir ee mam Proprietär nach schwätze muss. An och den Niveau géif ugepasst ginn, well dat bis elo nëmme provisoresch geschitt wier.

Da wëll d'LSAP nach wëssen, ob a wéini de Wee "an der Ochelt" zu Bilschdrëf nees an d'Rei gesat gëtt.

Hei wieren d'Aarbechte schonn ausgeschriwwen a sollten am Hierscht ufänken, mee well den Entrepreneur nach zu Rouspert engagéiert ass, fänken déi Aarbechten eréischt am Fréijoer un.